
Gemeng Sëll

# „Aus den Annalen der Gemeinde Saeul“

**Auteur: Guy Wolff**

**Editeur: Gemeng Sëll**




Baséierend op dem Gemengeprojet vum historeschen Themewee „Gemeng Sëll – fréier an haut“ huet den Auteur déi um Circuit presentéiert Themen verdéift an zousätzlech Recherchen iwwer d’Lokalgeschicht vun der Gemeng Sëll gemaach.

Esou ass d’Chronik „Aus den Annalen der Gemeinde Saeul“ entstanen, déi bal 500 Säite Contenu an iwwer 950 meescht historesch Fotoën zielt. Et ass kee Buch iwwert d’Sëller Geschicht, ma iwwer Geschichten vu Sëll.

Och deen 1849 vum belschen Ingenieur de Lavelaye ausgeschaffte Projet vun engem paneuropäesche Kanal, deen duerch Sëll gefouert hätt oder déi 1911 geplangten Eisebunn vu Näerden iwwer Sëll an d’Stat gin thematiséiert.

Méi Detailer fannt Dir op der Internetsäit (www.saeul.lu) ënnert der Rubrik „Tourisme“.

D’Chronik kann een och am Populatiounsbüro vun der Sëller_Gemeng (8, Rue Principale, 7470 Saeul/ Tel 23 63 22 1) oder an der Librairie Ernster zum Präis vun 80 € kréien.